N°7308
Entrée le 06.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.12.2022

Lëtzebuerg, de 5. Dezember 2022

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an Infrastrukture weiderzeleeden:

„Zanter Joren ass d'N7 duerch Maarnich a Fëschbich bei Clierf net nëmmen eng vill befuere Streck. Et stellen sech och eng Rei Sécherheetsprobleemer, besonnesch an der Héicht vum Hotel-Restaurant, deen no bei der Aktivitéitszon läit. Effektiv gëtt op dëser Plaz ëmmer méi geféierlech gerannt. Dat bréngt d'Visiteure vum Restaurant, déi deelweis laanscht d'Strooss parken, a Gefor. Et sinn apaart schwéier Gefierer, wéi z.B. d'Camionen, déi ganz no laanscht de Parksträife fueren, déi Akzidenter kënne provozéieren.

An deem Zesummenhang wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an Infrastrukture folgend Froe stellen:

1. Ass et net méiglech fir dësen Deel vun der N7 duerch Maarnich a Fëschbich ze securiséieren - am Besonnesche beim Hotel-Restaurant? (tëscht dem Rond-Point bei der Transversale an dem Lieu-dit "dräi Hiwwelen")

2. Wa jo, wéi kéint dëse Streckenofschnëtt punktuell nei amenagéiert ginn?

3. Gëtt et Statistiken, déi d'Intensitéit vum Trafic op dëser Plaz detailléiert quantifizéieren?"

Mat déiwem Respekt,

André Bauler
Deputéierten